ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

**N° 4289**
Reçue le 17.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.05.2021

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3878 vum 18. Mäerz 2021 schreift d'Madamm Banneminister, datt hire Ministère dräi Gemengen drop opmierksam gemaach huet, dass d'Refonte vum PAG sou wéi se am Gemengerot decidéiert gouf, net gülteg ass.

Duerfir géif ech der Madamm Banneminister nach gär des Nofro stellen:

1) Kann d'Madamm Minister opschlësselen wat d'Grënn vun hirem Refus, respektiv d'Exigenz vun engem Vote complementaire waren? Waren dat Ursaachen, wou een Feeler an der Legalitéit vun der Prozedur virlouch z.B datt een Conseiller mat engem Conflit d'Intérêt mat ofgestëmmt hat oder goufen et och Refusen oder Exigenze vun engem Vote complémentaire op Grond vun engem Contrôle d'opportunité?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 16 juin 2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n° 4289 du 17 mai 2021 de l'honorable Député Fred Keup concernant le refus des PAG**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

**Äntwert vun der Madame Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°4289 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup zum Sujet "Refus des PAG"**

***Kann d'Madame Minister opschlësselen wat d'Grënn vun hirem Refus, respektiv d'Exigenz vun engem vote complémentaire waren? Waren dat Ursaachen, wou een Feeler an der Legalitéit vun der Prozedur virlouch z.B. datt een Conseiller mat engem Conflit d'Intérêt mat ofgestëmmt hat oder goufen et och Refusen oder Exigenze vun engem Vote complémentaire op Grond vun engem Contrôle d'opportunité?***

Beim éischten Fall war de Virschlag vun enger zousätzlecher Ofstëmmung bedéngt duerch de Klassement, deen d'Gemeng op engem bestëmmtene Site virgeholl hat. Dëse Klassement war a Widdersproch zu den Objektiver vum Artikel 2 vum ofgeännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 *concernant l'aménagement communal et le développement urbain*[1]. Méi spezifesch wär d'Entwécklung vun dësem Site vun der Lokalitéit lassgeléist gewiescht an hätt den *"développement tentaculaire"* op där Plaz nach zousätzlech verstäerkt. Bedéngt duerch d'Topographie vun den Terraine wären d'Käschten, fir de Site z'erschléissen, onverhältnesméisseg gewiescht par rapport zu der Unzuel un Unitéiten, déi hätte kéinte geschafe ginn. Schlussendlech wären d'Awunner vum Site dem Kaméidi vun der N7 ausgesat gewiescht, déi do verleeft.

An enger anerer Gemeng goung et ëm eng Zon, déi net kompatibel war zum groussherzogleche Reglement vum 26. November 1979 *déclarant obligatoire le complément de plan d'aménagement partiel portant création de zones industrielles à caractère national dans le sud du pays*[2]. Eng Approbatioun vun dësem PAG hätt also eng Verletzung vu bestoendem Recht mat sech gezunn, dat op där Plaz eng *"zone PED (Pôle européen de développement)"* virgesinn huet.

Am drëtten Fall ass et ëm eng *"zone de golf"* gaangen. Dës sollt en Deel vun der Gréngzon sinn, mee gläichzäiteg erlaben, fir Konstruktiounen z'erriichten, fir de Golfsport auszeüben. Sou eng Zon hätt allerdéngs géint d'Bestëmmunge vum Gesetz vum 19. Januar 2004 *concernant la protection de la nature et des ressources naturelles*[3] souwéi dem groussherzogleche Reglement vum 28. Juli 2011 *concernant le contenu du plan d'aménagement général d'une commune*[4] verstouss, déi besoen, dass an der Gréngzon nëmme verschidde limitativ Aktivitéiten (wéi zum Beispill Akerbau) kënne bedriwwe ginn.

---

[1] Dës Legislatioun ass mëttlerweil duerch spéider Gesetztexter ausser Kraaft gesat ginn. Well d'Decisioun vum Inneministère vun deemools awer natierlech op Basis vun där Gesetzgebung geholl gouf, déi zu deem Zäitpunkt applicabel war, bleift deen alen Text och haut nach pertinent, fir d'Decisioun z'erkläeren.
[2] Idem.
[3] Idem.
[4] Idem.